N°6095
Reçue le 19.05.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a Minister fir Héichschoul a Fuerschung, Claude Meisch, a vum Minister fir d'Fonction publique, Marc Hansen, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6095 vum honorabelen Deputéierten Fred Keup

Ad 1)

Dat modifizéiert Gesetz vum 24. Februar 1984 iwwert de Sprooche-Regime (loi modifiée du 24 février sur le régime de langues) gesäit vir, datt am administrative Beräich, souwéi am geriichtleche Beräich op déi franséisch, däitsch oder lëtzebuergesch Sprooch zeréckgegraff ka ginn. Englesch ass fir den administrative Beräich net virgesinn.

Et sief nach gesot, datt bei der Signature vum Kontrakt ganz dacks eng ukraineschsproocheg Persoun dobäi war, fir déi néideg Erklärungen ze ginn; wann net, war den Direkter do fir d'Erklärungen op Englesch ze ginn.

Ad 2) an 3)

Och wann am administrative Beräich op dräi Sproochen dierf zeréckgegraff ginn, sinn d'Kontrakter vu mengem Ministère alleguer op franséisch redigéiert. Dëst net nëmme well d'Franséischt d'Sprooch vun eiser Legislatioun ass, mee och fir all Mëssverständnisser oder Interpretatiounsproblemer ze verhënneren an eng Eenheetlechkeet ze garantéieren.

Wat d'Informatiounen iwwer d'Prozedure fir d'akademesch Unerkennung vun Héichschoulqualifikatiounen ubelaangt, sief ënnerstrach, datt déi souwuel um Internetsite vum Ministère fir Héichschoul a Fuerschung (www.mesr.gouvernement.lu), wéi och um Guichet.lu, op dräi Sproochen, nämlech Franséisch, Däitsch an Englesch, verfügbar sinn. Och d'Formulairë fir d'Demandë sinn op dësen dräi Sproochen disponibel, an dat selwecht gëllt fir d'Online-Demarche iwwer MyGuichet.lu, déi virun e puer Méint fir dës Prozeduren ageriicht gouf.

Ad 4)

Dat ukrainescht Léierpersonal gëtt wéi all net ukrainescht Léierpersonal och, bezuelt esoubal de ganzen Dossier traitéiert a validéiert ass. De Centre de gestion du personnel et de l'organisation de l'État (CGPO) kann eréischt eng Pai ausbezuelen esou bal den Dossier komplett ass.

Agenten déi op Deklaratioun schaffen, kënnen hir Deklaratioun och schonn direkt no all Mount erareechen fir datt de geschëllte Betrag schnellst méiglech bezuelt gëtt.

Lëtzebuerg, de 19. Mee 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH